

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Frankräich huet rezent bekannt ginn, seng militäresch Kooperatioun mam Mali ze stoppen – e Land, wat sech iwwerdeems ëmmer méi a Richtung vun engem totalitären Staat entwéckelt a wou och d'Korruptioun ëmmer méi zouhëlt.

An deem Kontext hätt mir folgend Froen un den Här Bausseminister:

1. Wéi eng Auswierkungen huet de Beschluss vu Frankräich, net méi militäresch mam Mali ze kooperéieren, op d'Relatioun tëscht Lëtzebuerg an dem Mali?
2. Wéi bewäert d'Regierung déi rezent negativ Entwécklungen am Mali a gedenkt Lëtzebuerg och säin Engagement am Beräich vun der Entwécklungshëllef mam Mali ze iwwerdenken?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten